| Lëscht vu Workshopen | Auerzäit, wou dee Workshop ugebuede gëtt | | | | | | max.Zuel vu Part. |
|---|---|---|---|---|---|---|---|
| | 10.00 - 10.45 | 11.00 - 11.45 | 12.00 - 12.45 | 13.00 - 13.45 | 14.00 - 14.45 | 15.00 - 15.45 | |
| **Bilan'en bei de Biber (Biber-Ekipp)**<br>Fir de Kanner Aktivitéite bidden ze kënnen, déi hinnen och gefalen, ass et wichteg si bei den Aktivitéite reegelméisseg ëm hier Meenung ze froen. Ziel vun dësem Atelier ass et, Bilan-Methode kennenzeléieren an a klenge Gruppen Neier auszeschaffen, fir dass mer net méi all ëmmer déi nämmlecht klassesch Bilane maachen | ✓ | | | | | | 20 |
| **Bastelen mat Holzscheiwen (Biber-Ekipp)**<br>An all Grupp bleift alt mol ee Stamm leien, dee fir Konstruktiounen ze kuerz mee fir ze verbrennen ze schued ass. Am Atelier kucke mer, wéi mer deen a Form vu Scheiwe kënne verschaffen. | | | | | | ✓ | 15 |
| **Brancheversammlung (Biber-Ekipp))**<br>(NET an der Hal, mä am Zelt)<br>Wichteg Informatiounen fir dat nächst Scoutsjoer, Méiglechkeet sech nom Nanoq23 erëmzegesinn oder sech nei kennenzeléieren a gemittlech ze poteren | | | | ✓ | | | |
| | | | | | | | |
| **Aktivitéitsbeispiller zum Aktivitéitsposter (Wëllefchers-Ekipp)**<br>Mir präsentéieren eisen Aktivitéitsposter fir dat neit Scoutsjoer an ginn iech a verschiddenen Atelieren Beispiller mat op den Wee, wéi een dëss an d'Versammlung kann abauen/ëmsetzen. Et ginn och Wonschkëschten zu puer Themen. | | ✓ | | | | | 30 |
| **Schlo de Chef (Wëllefchers-Ekipp)**<br>Minigames bei denen d'Cheffe géint Ekippememberen untrieden. Dobäi bréngt dir deels är eegen Iddien an Talenter mat eran, deels proposéiere mir Saachen. Natierlech kënnt dir dës Iddien och mat an är Wëllefchersversammlungen huelen. | ✓ | | | | | | 30 |
| **Brancheversammlung (Wëllefchers-Ekipp)**<br>(an der Hal) | | | | | ✓ | | |
| | | | | | | | |
| **Gruppendynamesch Spiller bei den Avex (Avex-Ekipp)**<br>Mir spillen zesummen gruppendynamesch Spiller, déi dir am Ufank vum Scoutsjoer mat ären Avex kënnt spillen, fir sou déi nei Grupp an hir Patrullen ze stäerken. | | ✓ | | | | | 20 |
| **Gruppendynamesch Spiller mat mat Alldagsmaterialien erfannen (Avex-Ekipp)**<br>Komm bei eis a gëff kreativ fir zesummen nei Spiller mat Alldagsmaterialien ze erfannen. Si ginn och selwer getest an an d'Aktivitéitsbox op den Site gesat. | | | | ✓ | | | 20 |
| **Brancheversammlung (Avex-Ekipp)**<br>(an der Hal) | | | | | | ✓ | |
| | | | | | | | |
| **Mir sichen eng Entreprise (CaraPio-Ekipp)**<br>Wéi een zesumme mat de CaraPio säi Joer plangt an Entreprisen eraaussicht | | | ✓ | | ✓ | | 20 |
| **Brancheversammlung (CaraPio -Ekipp)**<br>(an der Hal) | ✓ | | | | | | |
| | | | | | | | |
| **Brancheversammlung (RaRo -Ekipp)**<br>(an der Hal) | | ✓ | | | | | |

| | | | | | | | |
|---|---|---|---|---|---|---|---|
| | | | | | | | |
| **Versammlung (GruppenEkipp)**<br>Virstellen vun der Ekipp, vun den Haaptrdv'en am Joer, Formatioun | | | ✓ | | | | |
| **Wéi gestalten ech e Flyer? (GruppenEkipp)**<br>Tipps & Tricks fir en modernen, uspriechenden Flyer ze gestalten | | ✓ | | | | ✓ | 15 |
| | | | | | | | |
| **Brainstorming - an elo? (Programm-Ekipp)**<br>Musse mir lo wierklech mat de Kanner Laser Game spille goen? Oder hätte mir léiwer guer net hir Meenung gefrot? Sënn, Kader, Methoden, … zum Thema Partizipatioun fir Versammlungen a gréisser Sortien. | ✓ | | | | | | |
| **Who is who? Wann s du e kenns, da kanns du matschwätzen (Programm-Ekipp)**<br>Matschwätze steet an den LGS Methoden. Mee wéi soll ech dat maache wann ech déi richteg Leit am (Verbands-) Grupp net kennen? Mat dëser Fro fänkt d'Participatioun schonn un... | | ✓ | | | | | |
| **Bilan - a wat maache mer elo domat ? (Programm-Ekipp)**<br>De Bilan as séier a flott no der Aktivitéit gemaach - mee wat léiere mer aus dem Feedback dee mir kruten? Wéi kënne mir dës Resultater halen an notze fir méi partizipatif a méi proaktif bessere Programm unzebidden? | | | | ✓ | | | |
| | | | | | | | |
| **I-Ekipp - internationale Scoutismus oder Tourismus? (International-Ekipp)**<br>Wat genee mécht international Ekipp, fir wat sinn sie do, woumat kënnen sie mir hëllefen? Donierft kritt een hei och nach tipps wéi een een Internationalen Camp plangt an ob wat een alles muss oppassen wann ee mat sengem Grupp an Ausland geet. | ✓ | | | | ✓ | | 20 |
| **Méi Inklusioun bei de Guiden a Scouten? (AG Diversitéit)**<br>Den Aarbeschtsgrupp Diversitéit ass gegrënnt ginn, fir Thema Inklusion a Diskriminatioun bei den LGS méi ze thematiséieren. Hei bidden mir eng interaktiv Diskussiounsronn un zu dësem Thema an driwwer eraus, an wëllen domadder erausfannen wéi dësen neien Aarbeschtsgrupp eis lokal Gruppen an och de Verband kann ënnerstëtzen. | | ✓ | | ✓ | | | 15 |
| | | | | | | | |
| **Faszinatioun Waasser interaktiv erliewen (SAFAB)**<br>Wéi entsteet e Tornado am Waasser? Firwat schwëmmt d`Äis um Mier ëmmer uewen a wéi kritt ee knaschtegt Waasser ganz einfach erëm propper? Dat an nach méi kënnt dir am Workshop interaktiv erliewen an ausprobéieren. | ✓ | ✓ | | ✓ | ✓ | ✓ | 10 |
| | | | | | | | |
| **Fit fir de Summercamp (Ekipp Native Village)**<br>Fir Avex-Cheffen.<br>Hues du Loscht dech mat dengen Avex oder CaraPioganz praktesch op äre nächste Summercamp virzebereeden? An dësem Workshop wëlle mir zesummen mat de Cheffen déi zweet Editioun vun esou engem Weekend plangen (Datum,Platz,Inhalter). Während dem Weekend wëlle mir praktesch Workshopen ubidden wéi "Material a Patrullekescht";"Konstruktiounen";"1-Hëllef";"Out-DoorKichen".... Komm bei eis a plang de Weekend mat. | ✓ | | | | | | 10 |

| | | | | | | | |
|---|---|---|---|---|---|---|---|
| **Fit fir de Summercamp (Ekipp Native Village)**<br>Fir CaraPio-Cheffen.<br>(Et gëllt déi sälwecht Beschreiwung wéi fir d'Avex-Cheffen) | | ✓ | | | | | 10 |
| | | | | | | | |
| **Teambuildingspiller kenneléieren an ausprobéieren (Ekipp Native Village)**<br>Bass du op der Sich no flotten a spannende Teambuildingspiller fir deng Versammlung, Weekend / Camp, oder Grupperot? An dësem aktive Workshop léiers du nei Teambuildingspiller kennen, mir stellen och Materialien vir a beroden dech wéi eng Spiller bei wéi een Alter passen. | | | | ✓ | ✓ | | |
| **Alles rondrëm d'Feier (Ekipp Native Village)**<br>Mir baue mat Eisenrohlingen an Hieselterholz en eegene Firestick. Mir weisen iech verschidden Anzünder wéi Zunderschwamm a gekuelten Jeansstoff. Dëse Workshop ass eng flott Iddie ab Avex-Alter. | | | | | ✓ | ✓ | |
| | | | | | | | |
| **Safe from Harm fir Kanner a Jonker, geet dat? (Safe from harm - Ekipp)**<br>Theme vum Safe from Harm sinn och fir déi Erwuesse schwéier. Dofir ass et wichteg, de Kanner a Jonken dëst Thema an hier Sprooch méi no ze bréngen. Gemeinsam schaffe mir Aktivitéiten aus, déi dir duerno mat äre Guiden a Scoute maache kënnt. | | ✓ | | | ✓ | | 16 |
| **Ëmgang mat legalen an illegalen Drogen (SFH & CNAPA)**<br>Viele Jugendliche und junge Erwachsene machen Erfahrungen mit Alkohol und anderen Drogen (bspw. Energy Drinks, Tabak, Cannabis, etc.). Bei einigen bleibt es beim Experimentieren, andere entwickeln einen riskanten Konsum und setzen ihre Gesundheit und Lebensentwicklung aufs Spiel. Wie gehen Sie mit Jugendlichen in ihrer Gruppe um, die legale und/oder illegale Drogen konsumieren: Schauen Sie weg? Bestrafen Sie diese? „Referieren" Sie über die Schädlichkeit von Drogen? Würden Sie den Jugendlichen gerne helfen, wissen aber nicht wie? Der Workshop bietet die Möglichkeit all eure Fragen loszuwerden. | ✓ | | ✓ | ✓ | | ✓ | 15 |
| | | | | | | | |
| **"Ech hunn och Rechter" (ONG « Guiden a Scouten fir ENG Welt »)**<br>• Kannerrechter allgemeng ugoen an hir Wichtegkeet besser verstoen,<br>• Wësse vun de Kannerrechter encouragéieren an ausbauen,<br>• Projet-en vun der ONGD virstellen | | ✓ | | ✓ | | | 12 |
| | | | | | | | |
| **Mini-Grupperot («Zentrum fir politesch Bildung », Liz Feinen, Walfer Grupp, Réiser Grupp)**<br>Dir wëllt de Kanner a Jonken aus ärem Grupp d'Méiglechkeet ginn hir Meenung fräi ze äusseren, konkret Virschléi ze maachen a sech mat denen aner Branchen austauschen ze kënnen? Si solle sech aktiv an d'Geschéie vum Grupp abréngen däerfen? Dann ass de Mini-Grupperot genee dat richtegt fir iech! Mee, wat ass de Mini-Grupperot eigentlech genee a wéi fonktionnéiert en? Déi Jonk vu Réiser a Walfer, bei deenen et de Mini-Grupperot zanter 2 Joer gëtt, erklären iech et. | ✓ | ✓ | | ✓ | | | 15 |

| | | | | | | | |
|---|---|---|---|---|---|---|---|
| **Stormwater Design Challenge (vun « ESERO»)**<br>Ziel ist es, Aktivitäten zu zeigen, die mit dem Verständnis von Biodiversität und Klimawandel verbunden sind. Wir beginnen mit einem 15-minütigen Workshop über Biodiversität, das mit einem Ballspiel verbunden ist. Dann verbinden wir die Biodiverität mit dem Klimawandel über die Klimafreske in der Quizversion (15 Minuten). Schliesslich veranschaulichen wir eine der grössten Auswirkungen des Klimawandels in Luxemburg (Überschwemmungen) über das Spiel Storm Water. | ✓ | ✓ | | ✓ | ✓ | ✓ | 10 |

Wann s du sécher wëlls eng Plaz hunn, kanns du dech am Laf vum Dag beim Atelier selwer op eng Lëscht aschreiwen.

| Lëscht vu permanente Stänn |
|---|
| **Informatiounsstand (Sekretariat, PR-Ekipp, Formatioun)** |
| |
| **Spilleck (Rar-Ekipp)**<br>Hei kënnen d'Chef mateneen schnëssen, sech austauschen a spillen (Petanque, Big-Bagsprangen, Corndog, Frisbee a Beach-Tennis) |
| |
| **Ween ass de beschte Grupp? (GruppenEkipp)**<br>Kleng Challenges mat enger Punkteverdeelung an engem Gewënner um Enn vum Daag |
| |
| **Infostand (Albatrossen)**<br>Hickeschten (=Unitéit) aschreiwen, Iddien fir national Aktivitéite sammelen (2mol) |
| |
| **Erënnerungseck (EAS)**<br>Mir erënneren eis un am Joer 22/23 verstuerwe Guiden a Scouten, wat mer Flottes mat hinnen erliewt hunn, wat si bei den LGS lokal an national geleescht hunn, wat mer dovu weiderféieren, wat mer vun hinnen geléiert hunn, ... |
| **Plangen vun enger Verspriechensfeier (EAS)**<br>Entdeck wat alles an der online virtueller Verspriechensvaliss dran ass, deel deng Ideen fir Verspriechensfeieren mat anere Chef fir dass mir eng flott Sammlung kréien. |
| |
| **Shop (asbl)**<br>Verkaf vu Guiden- a Scoutsartikelen |
| **Schwätz mat (asbl)**<br>Austausch iwwert déi 4 Themeberaicher vun der neier Affiche „De Gréngen Zweig" (ausgeschafft vum AG Nohaltegkeet /Gréngen Home).<br>E „Glécksrad" wielt een vun de Felder vun der Affiche a féiert zum Austausch iwwer best practices. |
| **Schaff mat (asbl)**<br>Knied a Konstruktiounen |
| **Spill mat (asbl)**<br>Puzzle- a Kantonsspill iwwert ons Häiser a Campplazen |
| **Schneek mat (asbl)**<br>Kachen a brachen oder wéi maachen ech eng Waafel um Feier (e Minieisekuch) |
| |
| **Komm laanscht a schwätz mat eis iwwer Nohaltegkeet (Nohaltegkeetsgrupp)**<br>Mir erklären dir, wat s du als Chef maache kanns fir deng Aktivitéiten an däi Chalet méi ökologesch ze gestalten. Ausserdeem kritt all Grupp hir Affiche "De Grénge Zweig" mat fir an hiren Home ze hänken. |
| |
| **Infostand (Scouts 4 refugees)**<br>Ziler vun dësem Infostand sinn: mat Photoen an 2 Videoclipen zë weisen waat mir dëst Joer gemaach hunn, nei Memberen fir d´Scouts4refugeestrupp ze fannen, lokal Gruppen ze fannen fir op engem Sonndeg a kommende Scoutjoër mat eis coopéréieren. Mir deele Flyeren,Visitenkaarten an Autocollants aus. |
| |
| **Mérite Jeunesse** |

| |
|---|
| Duerch däin Engagement als Chef hues du scho mol een Deel (Bénévolat) vun dëser internationaler Auszeechung erfëllt. Fann raus, wéivill nach fir d'Volets Talent, Sport an d'Expeditioun feelt. |
| |
| **Super-Wal-Kiermes («Zentrum fir politesch Bildung »)**<br>Die Super-Wal-Kiermes ist eine Jahrmarktbude, die dazu einlädt, demokratische Prinzipien, Wahlen und Zuständigkeiten der Abgeordnetenkammer zu besprechen. Anhand von drei "Attraktionen" (Entenangeln, Rad der Veränderung, Dosenwerfen) kommen die Teilnehmer auf eine unterhaltsame Art und Weise über die Nationalwahlen in den Austausch. |